**adr**

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

**Groupe parlementaire**

Här Fernand ETGEN
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg
Fax 466 966 210

Lëtzebuerg, den 27.02.2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Justizminister weiderzeleeden.

Den Parquet ( „ Staatsanwaltschaft") huet hei zu Lëtzebuerg den pouvoir ze decidéieren dat eng affaire, eng Uklo, eng Denonciatioun poursuivéiert gëtt oder net. Des „opportunité des poursuites" gëtt nach verstäerkt duerch d'Méiglechkeet affairen „ verjären ze loossen", dat heescht se zwar net formell ze klasséieren mais awer och ni zur Uklo ze bréngen, esou datt den betraffenen Bierger ni viru Geriicht kënnt. An dësem Kontext stellen sech eng Rei vu Froen :

Gett et eng Statistik wéi vill affairen all Joer klasséiert gin an wéi vill der verjären gelooss gin ?

Gett et iergendwellech objektiv Critèren fir ze decidéieren wien oder waat poursuivéiert gëtt oder net ?

Gett et iergendeng Kontroll datt dee pouvoir net mëssbraucht gëtt, sief et fir enger Persoun zu Stroffräiheet ze verhëllefen, sief et fir eng Persoun aus perséinlechen oder politeschen Motiver ze schikanéieren ?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten